N°2193
Entrée le 04.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Finanzen & Verdeedegung weiderzeleeden.**

Laut engem rezenten Artikel vum POLITICO huet sech eng brittesch Delegatioun mat Vertrieder vun europäesche Länner, dorënner Schweden, Dänemark, Finnland, Polen an Holland, zu Bréissel getraff fir iwwert d'Schafung vun enger supranationaler Bank fir gemeinsam Waffekeef ze diskutéieren. Dës Initiativ géif et erlaben, d'Käschte vu Militärequipement net direkt an den nationale Budgeten ze verbuchen an sech doduerch fiskalesch Virdeeler ze verschafen. De Plang steet a Konkurrenz zu engem 150-Milliarden-Euro Prêt-Pak vun der Europäescher Kommissioun, bei deem Groussbritannien net mat abezunn ass.

D'Wirtschaftlech Erausfuerderunge, fir d'Verdeedegungsausgaben ze finanzéieren, ass och fir Lëtzebuerg eng wichteg Fro, zemools wann een d'NATO-Ziler vun 2% betruecht. D'Roll vun eisem Land an där proposéierter internationaler Finanzinstitutioun, souwéi eis Positioun vis-à-vis vun alternative Finanzéierungsmodeller fir d'Verdeedegung sinn dofir vun ëffentlechem Interessi.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. War Lëtzebuerg informéiert iwwert dëst geheimt Treffen zu Bréissel tëscht Groussbritannien an aneren europäesche Länner bezüglech der Schafung vun enger supranationaler Bank fir gemeinsam Waffekeef?

2. Huet Lëtzebuerg un dësem Treffen deelgeholl oder war Lëtzebuerg invitéiert fir drun deelzehuelen?

3. Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zu dem brittesche Virschlag fir eng supranational Bank ze schafen déi d'Verdeedegungskäschten aus den nationale Budgeten eraus hält? Wat fir en Impakt hätt esou e Projet op d'NATO-Ziler?

4. Wäert Lëtzebuerg sech un den Diskussioune bedeelege, déi fir e Samschdeg zu Warschau tëscht den EU-Finanzministere geplangt sinn, wou och de polneschen Alternativvirschlag vum Bruegel Think-Tank presentéiert soll ginn?

5. Wéi steet Lëtzebuerg zum Virschlag vun der Europäescher Kommissioun fir en 150-Milliarden-

Euro Prêt-Pak fir gemeinsam Verdeedegungsuschafungen ze kreéieren?

6. Gesäit d'Regierung Virdeeler doran, d'Verdeedegungsausgaben aus dem Budget erauszehalen duerch eng extern Finanzinstitutioun, an ass dat kompatibel mat eisen europäesche Verflichtunge bezüglech Budget-Transparenz an dem Stabilitéitspakt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu